

ZOOM

D'STUDENTENZEITUNG



IWWERBLÉCK

REEL 2018 zu Bréissel

04

Fir déi 34. Kéier hunn sech eng Ronn 120 Studenten op de Wee gemaach, fir un der REEL deelzehuelen...

Reform vum Stagegesetz

07

D'ACEL huet am Juli 2017 mat deenen éischte Verhandlung fir eng Upassung vum Stagegesetz ugefaangen...

How-to Studiebäihëllef

08

Wéi froen ech meng Bourse un a wat hunn ech zeggutt?

De Studentebal 2018

08

No ronn engem hallwe Joer Organisatiounsarbecht a 5 Deeg intensivem Op- an Ofbauen...

60 Joer ANEIL

10

D'ANEIL, de Cercle vun den Ingenieuren, huet dës Joer op seng 60 Joer an den Tramsschapp um Lampertsberg invitéiert

Nei Cerclen

11

Würzburg, BTSen, Aberdeen an Hamburg



Réunion Européenne des Etudiants Luxembourgeois zu Bréissel

VIRWUERT

Léif Lieserinnen, Léif Lieser,

Ech freeë mech ganz häerzlech, Iech dës Editioun vum Zoom virzestellen, deen d'ACEL – De Studentevertrieeder, all Joers fir d'Foire de l'Etudiant erausbréngt.

Ee flott Joer läit hannert der ACEL a sengen Cerclen. Am politesche Pilier ass et haaptsächlech em d'Stagegesetz zu Lëtzebuerg gaangen. An der Informatioun läit, wéi all Joers, den Haaptaspekt bei eisen zwee Guiden an am Regroupement ass de Studentebal déi gréisst Aufgab gewiecht.

Am Zoom kënnt dir Iech dann e Bild dovunner maache wat dat ganz Joer iwwer an der ACEL geschafft ginn ass. Donieft hu mer véier nei Cerclen opgeholl, de Cercle vun den Ingenieuren huet Gebuertsdag gefeiert an d'REEL war am Joer vun de Wahlen zu Bréissel.

Op dëser Plaz wëlle mir och nach eng Kéier all de Cerclen a Partner Merci fir hir Ënnerstëtzung soen.

Mir wënschen Iech vill Spaass beim Liesen a vill Gléck beim Rätsel léisen.



Gilles Johann
Comitésmember an der Informatioun



ACEL
de Studentevertrieider

WAT ASS D'ACEL?

D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) vertritt haut iwver 40 Studentecerclen, déi duerch ganz Europa verdeelt sinn. Dëst mécht d'ACEL zum gréissten a wichtigste Studentevertrieider zu Lëtzebuerg.

D'Cerclë bilden haut déi aktiv Membere vun der ACEL a sinn op aacht Länner verdeelt. Dës Vereenungen empfänken d'Lëtzebuerger Studente während hirer Studienzäit an de jeeweilege Stied am Ausland an zu Lëtzebuerg a brénge se zesummen. Dierneft ginn et nach 9 fachspezifesch Cerclen.

Säit senger Grënnung huet sech den Daachverband vun de Studentecerclen dräi Haaptaufgabe gesat:

Zesummebréngen

D'ACEL organiséiert verschidden Evenementer, fir d'Studenten zesummenzebréngen an den Echange tëschent hinnen ze fërderen. De gréissten Event am Joer ass ouni Zwiwel de Studentebal, deen all Summer organiséiert gëtt. Dierneft triede beim Tournoi de Noël Equippen aus de verschiddenen Unisstied am Volleyball, Fussball a Basket während zwee Deeg géinteneen un.

Zanter méi wéi 30 Joer fënnt d'REEL a verschiddene Studentestied an Europa statt, a gëtt all Joer vun engem anere Cercle organiséiert, mat enger Mëschung aus politeschen

Diskussionen, kulturelle Visitten, Kontakt mat Partner an natierlech flotten Owender ënnert Kollegen.

Informéieren

D'ACEL bréngt net nëmme hir Studenten zesummen, mä informéiert se och. Dëst mécht se mat Hëllef vun hirem „Guide du Futur Diplômé“, deen dem jonken Diploméierten eng



Starthëllef an d'Aarbechtswelt soll bidden. Doriwwer eraus huet d'ACEL sech och als Zil gesat, déi zukünftige Studenten ze informéieren, an zwar mat hirem „Guide du Futur Étudiant“, deen et säit 1987 gëtt an deen all Joer am September nei eraus kënnt. Dëse Guide liwwert Informatiounen iwver déi verschidden Unien, Aschreiwungsfristen, Aschreiwungskonditiounen, asw. an natierlech och iwver d'Liewen an de Stied selwer.

Niewent dësen zwou Publikatiounen an dem Student fir 1 Dag geet d'ACEL reegelméisseg an déi verschidde Lycéeën, fir d'Schüler iwver d'Studien ze informéieren.

Representéieren

Net manner wichteg wéi d'Informationscampagne vun der ACEL ass d'Verriedung vun de Studente virun den Autoritéiten an d'Verdeedegung vun hire Rechter. An dësem Kontext steet d'ACEL a reegelméissegem Dialog mat de verantwortleche Ministèren, ënner anerem dee fir Héichschoulbildung a Fuerschung.

D'ACEL beméit sech, d'ganz Joer iwver konstruktiv Gespréicher mat de Ministèren ze féieren, fir iwver aktuell Themen, déi de Student betrëfft, ze diskutéieren. Esou schafft d'ACEL och momentan dorun, dass an Zukunft d'Studen fir Studente gesetzlech gereegelt sinn.

ACEL-Comité



WEEN ASS D'ACEL?

Du hues dech schonn ëmmer gefrot wien alles hannert der ACEL stécht?
Hei hues du ee klengen Iwwerbléck iwwert eise Comité.



Poi LUTGEN

Studium: Management
Stad: Fribourg
Positioun: President



Nora HANSEN

Studium: Bauingenieur
Stad: Kaiserslautern
Positioun: Vize-President Informatioun



Pascal THINNES

Studium: Bauingenieur
Stad: Kaiserslautern
Positioun: Vize-President Regroupement



Tom HETTO

Studium: Mechatronik an Info
Stad: Karlsruhe
Positioun: Vize-President Representatioun



Cindy COELHO

Studium: Sciences du Langage
Stad: Stroosbuerg
Positioun: Sekretärin / Regroupement



Jo BAULER

Studium: Intern. Business - Fin. Manag.
Stad: Köln
Positioun: Tresorier



Mirko MACK

Studium: Wirtschaftsinformatik
Stad: Karlsruhe
Positioun: Responsable Informatique



Gilles JOHANN

Studium: Publizistik & Kommunikationswiss.
Stad: Wien
Positioun: Informatioun



Geraldine RISSE

Studium: Bildungswissenschaft
Stad: Wien
Positioun: Informatioun



Michel LOGELING

Studium: Economie & Gestion
Stad: Stroosbuerg
Positioun: Informatioun



Sven BETTENDORF

Studium: Chemieingenieur
Stad: München
Positioun: Regroupement



Max CLOSENER

Studium: Bauingenieur
Stad: München
Positioun: Regroupement



Nadja POENSGEN

Studium: Droit
Stad: Stroosbuerg
Positioun: Representatioun



Aurélie NASCIMENTO

Studium: Admin. économique et sociale
Stad: Stroosbuerg
Positioun: Representatioun



Cyrielle DAUMER

Studium: Psychologie
Stad: Nanzeg
Positioun: Kooptéiert




Benoît FRISCH

Studium: Informatik
Stad: Karlsruhe
Positioun: Kooptéiert



Soirée chic am Atomium

REEL 2018 ZU BRÉISSEL



REEL 2018



Monologue vum Vizepremier an Wirtschaftsminister Etienne Schneider

Fir déi 34. Kéier hunn sech eng Ronn 120 Studenten op de Wee gemaach, fir un der REEL deelzehuelen. Bréissel ass bekannt dofir, dass vill Lëtzebuerger Studenten hier Etüden do maachen, dofir huet den Comité vun der REEL et sech net huele gelooss eng flott REEL zu Bréissel ze organiséieren. No ville Méint Preparatioun ass et en

Donneschdeg, den 20. September, fréi moies endlech lassgaangen.

No der Arrivée zu Bréissel, um Campus vun der UCL, gouf et och direkt Kaffi an ee Croissant. Sou waren d'Studenten direkt Fit fir un de Workshoppe vun der ACEL deelzehuelen. Hei konnten d'Studenten tëscht dräi verschiddenen

Theme wielen: „Soll de Studentebal reforméiert ginn?“, „Problemer/Iddi'en fir politesch Dossierer“ an „Ass Konzept vun der REEL nach drobar“. Immens interessant Diskussiounen sinn entstanen, déi uschléissend op enger Plenièr zesummegedroen a presentéiert gi sinn. Nom Mëttegiessen an der Cantine vum Campus, konnten d'REELaner

am Hostel anchecken an sech prett maache fir de Rallye. Dësen ass ëmmer nees flott fir d'Stad a gläichzäiteg och déi aner Participanten besser kennenzeléieren. Nom Rallye sinn d'Leit all hongereg am Restaurant ukomm an hunn sech de Platt gutt schmaache gelooss. Nodeems och de Leschte keen Hunger méi hat, ass et Richtung Bodega gaangen, wou den éischten Dag an enger flotte Location ofgeschloss gouf. Natierlech duerft hei och net déi berühmte Bombe Bleu feelen.

No enger relativ kuerzer Nuecht ass et Freides Moies direkt viru gaange mat flotte Visiten zu Bréissel. Zu Auswahl stoungen: Chocolate Village, Europäesch Parlament, Train World, Musée des égouts an een Trip op Antwerpen. Weider ass et du mam Mëttegiessen am Restaurant „Chez Léon“, wou et ee gudden Maufel ze iesse gouf. Mëttes stoungen d'Partnervirtrëg um Programm. Och dëst Joer konnte vill Partner fonnt ginn, déi d'REEL ënnerstëtzt hunn an d'Geleeënheet genotzt hunn, fir hire Betrib de Studenten méi nozebréngen. No de Presentatiounen war de Studenten dunn och d'Méiglechkeet ginn, op enger



Gruppenfoto vun den Participanten



Table ronde - v.l.n.r. Daniel Becker, Marc Wagener, Marc Hansen, Pol Lutgen

Foire an engem Walking Dinner mat de Partner an d'Gespréich ze kommen. Schliesslech ass et dunn zesumme mat deem engen oder anere Vertrieeder vun den Entreprisë weider an de bekannte „Bloody Louis“ gaangen, wou op en Neits bis an d'Nuecht gefeiert gouf.

E Samschdeg huet et dunn awer geheescht erëm fit ze sinn, a sou hunn d'Studenten sech erausgefiizt, fir den offiziellen Dag vun der REEL. An Zesummenaarbecht mat der ACEL hat de Comité hei eng ganz Rei interessant Debaten op d'Bee gestallt. Déi richtig Platz ass och hei vum Comité erausgesicht ginn. Benelux Haus zu Bréissel huet de perfekte Kader gebuede fir déi ganz Interessante Virtrág vum Vize-Premier, dem Här Etienne Schneider, der Mme. Ministesch Mutsch, der Mme. Closener an dem Secrétaire vum Benelux Haus nozelauschten. Ee weidere Virtrag hätt sollte vum Här Premier Minister Xavier Bettel gehale ginn, deen huet awer leider misste kuerzfristeg ofsoen. Digitaliséierung war d'Haaptthema vun der REEL'18 a gouf an allen Virtrág opgegraff an d'Froen vun de Studenten huet zu flotten Diskussiounen gefouert.

Nom Mëttegiesse goug et du weider mat enger Table Ronde, déi sech em Digitaliséierung gedréint huet an d'Roll vum Studenten an dëser. Deelgeholl hunn dobäi den Héichschoulminister Marc Hansen, den Här Marc Wagener, Direkter vun der Fondatioun IDEA, den Här Daniel Becker; Secrétaire général vum Conseil économique et social, an dem Pol Lutgen vun der ACEL. Eng interessant Diskussioun moderéiert vum Pit Everling vu RTL ass dobäi entstanen, esou dass all d'Studenten dësen Debat interesséiert verfollegt hunn. Nom Debat huet d'Ambassadrice de Participanteën an den Invitéen nach een Eierwäin offréiert, éiert et dono zum Highlight vun der REEL gaangen ass. De Galadinner gouf dëst Joer an der wuel bekanntsten Sehenswierdegkeet aus der Belsch ofgehalen, am Atomium. An dësem flotte Kader konnten d'REELaner sech bei engem Walking Dinner gutt amüséieren a gläichzäiteg zur Musek vun Zero Point 5 feieren an zesumme sängen.

Sonndes Moies ass et dunn mat bësse méi midde REELaner an de leschten Dag vun der REEL gestart

ginn. Nodeems jiddereen ausgecheckt huet, ass et dunn Richtung Brunch gaange, wou Energie fir de leschten Dag getankt gouf an déi eng oder aner lëschtég Geschicht vun de leschten Deeg erzielt gouf. D'Participanteë konnten dunn tëscht engem Nomëtteg an der Schwämm oder enger Visitt vun enger Brauerei wielen. Dono ass et dunn schonn Direktioun Lëtzebuerg gaangen. Dëst awer natierlech net ouni ee klengen Tëschestopp hannert Bréissel wou an enger schéiner Scheier no e puer Ofschlossrieden an Danksagungen, ewéi och der Kréinung vum Mister REEL, dem Willy, eng leschte Kéier zesumme mat der Band Toxkapp gefeiert gouf, ier et dunn Heem gaangen ass.

Ofschléissend kann ee soen, dass déi 34. REEL, wéi all déi REEL'en virdrun, nees ee vollen Erfolleg war. Niewent den neie Frëndschaften déi entstanen sinn, gouf och konstruktiv a mat grousst Interessi un offiziellen Debaten deelgeholl, an och fläisseg vun der Geleeënheet profitéieren, a Kontakt mat Entrepreneuren ze trieden.

D'ACEL seet dem REELs-Comité Merci, fir déi Aarbecht déi en an d'Preparatioun gestach a während véier Deeg geleescht huet. Doriwwer eraus weist d'ACEL sech frou doriwwer, dass d'Zesummenaarbecht immens gutt geklappt huet, an esou een immens flotte Programm, virun allem um offiziellen Dag e Samschdeg, konnt zesummegeallt ginn. Ee weidere Merci seet d'ACEL awer och all den Invitéen an de Partner, dass sinn sech Zäit geholl hunn, op d'REEL ze kommen.

D'ACEL freet sech schonn op d'nächst Joer, wann et op déi 35. Editioun vun der REEL geet. Wou dës wäert stattfannen entscheet sech wéi gewinnt de 26. Dezember op der Assemblée générale vun der ACEL.

**An deem Sënn:
Op vill weider REEL'en!
Vive d'Studenten!**



Zero Point Five – Atomium



D'ACEL
a seng Cerclen

D'Lëtzeburger Studenten
op der





32. Studentefoire
STUDENT FAIR FOIRE DE L'ETUDIANT STUDENTENMESSE

DU HUES ENG FRO ZUM STUDIUM ODER DER UNI



Da komm op eis Stänn op d'Foire de l'Etudiant!

 Bibliothéikswiesen 8C19	 BTS 7A08	 Droit 8B27	 Ekonomie 8B02	 Geschicht 7A11	 Ingenieur 8B22	 Kommunikatioun 8C23	 LUNEX 7B34	 Medezin 8B30	 Psychologie 8B31
 Berlin 7C02	 Bingen 7C01	 Bonn 7C19	 Düsseldorf 7C05	 Freiburg 7B25	 Kaiserslautern 7B29	 Karlsruhe 7B12	 Köln 7B21	 München 7C06	 Oochen 7B13
 Rhein-Main 7C04	 Saarbrücken 7B31	 Tréier 7B24	 Würzburg 7C03	 Bréissel 7A13	 Léck 8D03	 Louvain-la-Neuve 7A21	 Fribourg 7A07	 Lausanne 7A06	 Zürich 7A22
 Aix-en-Provence 8D22	 Montpellier 8D12	 Nanzeg 8D09	 Paräis 8D23	 Stroosbuerg 8D35	 Innsbruck 7B05	 Wien 7C17	 Groussbritannien 8D40	 Holland 7C14	 ACEL 7B17



Weider Cercle
vun der ACEL:

(Leider sinn dëss Cercle net op der Foire)



Aberdeen



Baaschnech



Belval



Hamburg



Heidelberg



St. Gallen

HOW TO STUDIEBÄIHËLLEF?

WAT HUNN ECH ZEGUTT? (pro Joer)

Basis-Bourse: 2.000€
Kritt all Student.

Mobilitéitsbourse: 2.450€
Kritt all Student, deen ausserhalb vu sengem Wunnsätzland studéiert an do Loyer bezilt.

Sozialbourse: 3.800€
Jee nodeem, wéi héich dat besteierbart Akommes ass, vun deem Stot, an deem een ugemellt ass, kann ee bis zu 3.800€ kréien.

Familljebourse: 500€
Kritt all Student, dee Geschwëster huet, déi och studéiere ginn, och eng Bourse kréien an am selwechte Stot ugemellt sinn.

Studiefraisen: 3.700€

D'Aschreiwungs- a Studiekäschte vu 100€ bis max. 3.700€ ginn zu jee 50 % op d'Bourse an op de Prêt opgedeelt.

Prêt: 6.500€ - 10.300€

6.500 € kritt all Student. Déi Studenten, déi net déi ganz Sozialbourse kréien, kënnen dës Differenz als Prêt ufroen.

Härtefallregelung: 1.000€

Sollt een sech an enger „situation grave et exceptionnelle“ befannen oder mat aussergewöhnlechen Ausgabe konfrontéiert ginn, kann een eng zousätzlech finanziell Hëllef vu 500 € Bourse a 500 € Prêt kréien.

ONLINE-RECHNER

Wéi vill Bourse a Prêt ee schlussendlech ze gutt huet, kann een op dëser Säit ausrechnen:

<http://acel.lu/rechner>

WÉI FROEN ECH MENG BOURSE UN?

Entweder online oder per Post. Mir roden dir, deng Demande online ze maachen, well dat méi séier geet a se da méi séier traitéiert gëtt.

Online:

Fir är Bourse online unzufroen, braucht dir e LuxTrust-Certificat (Token, Signing Stick, Smartcard oder déi nei Carte d'identité).

Wéi maachen ech meng Online-Demande?

1. myguichet.lu
2. Aloggen (oder e neie Login maachen, wann dir nach keen hutt)
3. „Wählen Sie einen Vorgang aus“ / „Sélectionnez une démarche“
4. Ausbildung / Education
5. CEDIES: Demande d'aide financière de l'Etat pour études supérieures

Ausfüllen, Dokumenter eroplueden, fortschécken.

STAGEN ZU LËTZEBOURG

An de leschte Joren ass d'ACEL ëmmer erëm drop opmierksam gemaach ginn, dass et zu Lëtzebuerg e Problem mat dem Gesetz zu de Stagen a Vakanzeng job gëtt. Dorops hin hunn mi viru bësse méi wie virun engem Joer domat ugefaangen, d'Situatioun ze analyséieren a konkret Verbesserungsvirschléi auszeschaffen. Des hunn mir dunn an enger Entrevue dem zu deier Zäit zoustänneg Minister Nicolas Schmit virgeluecht a mam Ministère zesummen en Projet de Loi ausgeschafft. Hei konnte mir a gudden Deel vun eise Fuerderunge mat abrénge. Mir vertrieeden D'Meenung dass dësse Projet de loi eng gutt Grondlag geschaaft hätt fir d'Situatioun vun de Stage zu Lëtzebuerg ze regléieren.

D'ACEL huet eng Ënnerscheedung tëscht konventionéierte Stagen an net konventionéierte Stage gefrot. Bei deene konventionéierte Stage, déi Stagen also wou am Student sengem Studium virgesi sinn, vertrieede mir d'Meenung dass d'Remuneratioun soll op fräiwëlleger Basis sinn. Dës ass an eisen Ae wichteg well et a verschidene Beräicher, virun allem am soziale Beräich, schwierig ass Stagen ze fannen. Mat dëser Fuerderung si mir op d'Bedenke vu Studenten agaangen dass d'Entreprise manner Stage

ubidden am Fall wou eng Bezuelung obligatoresch ass, an dës awer wichteg si fir am Studium weider ze kommen. Ausserdeem kritt een am Fall vun engem konventionéierte Stage jo och nach eng Studiebaihëllef.

D'ACEL huet deemools versprach kritt dass dat neit Stagegesetz nach an der leschter Legislaturperiod gestëmmt sollt ginn, mir bedauern dat dës leider net de Fall war.

Zu dësem Zäitpunkt musse mir als ACEL eis Positioun zum aktuelle Projet de Loi zu de Stage awer och revidéieren.



Et sinn eng ganz Rei Avisen zu dem Projet geschriwwen ginn, a kuerz viru Schluss vun der leschter Legislaturperiod goufen Amendementer um Projet de Loi virgeholl. Dës gesinn eng Rei Verännerunge vir mat deenen d'ACEL net averstanen ass. Déi nei Amendementer loosse zum Beispill net méi zou dass ee kann tëscht sengem Bachelor a sengem Master, wann een also net méi op da Uni immatrikuléiert ass, en Stage maachen. An eisen Aen ass awer grad dat wichteg well vill Studenten tëscht Bachelor a Master ee Stage wëlle maache fir sech kenne fir eng Spezialisatioun am Master ze entscheeden.

Aus dësse Grënn hunn mir eis elo virgeholl de Projet mat da neier Regierung op en neits unzegoen, mam Ziel, d'Situatioun fir de Student esou gutt wie méiglech ze gestalten.

Fäerdeg mat studéieren? Op der sich no enger Aarbecht oder engem Stage? Da kuck dir emol d'Jobportal vun der ACEL un! Hei fënns du eng ganz Rei un aktuellen Offeren aus all Beräich vun der Aarbechtswelt zu Lëtzebuerg! D'Jobportal fënns du ganz einfach ënner jobs.acel.lu

STUDENT FIR 1 DAG

Student fir 1 Dag

Entdeck deng Zukunft

 **Deng Uni -**
looss dir weisen,
wéi deng zukünfteg
Uni ausgesäit

 **Deng Stad -**
entdeck, wéi een
als richteg Student
lieft

 **Däi Liewen -**
fänkt elo eréischt
richteg un!

 **SPUERKEESS**
Partenaire officiel

 **ACEL**
de Studentenvertreder

Kontakt
www.acel.lu
contact@acel.lu

STUDENT FIR 1 DAG

Du wollts schonn ëmmer wëssen, wéi et op der Uni ass? Wéi et ass, Student ze sinn? Ass e Studium am Ausland iwwerhaupt eppes fir dech? A wat muss du iwwerhaupt alles maachen, fir dech fir e Studium unze-mellen? Déi a vill aner Froe kriss du beäntwert, wann s de um „Student fir 1 Dag“ deelhëls.

Beim Student fir 1 Dag ginn dir Dagesreesen a verschidden Universitätsstied ugebueden, wou's du op der Platz a Kontakt mat de Lëtzebuerger Studente kenns. Dëst bitt dir Méiglechkeet Informatiounen iwwer Staat an/oder Studium aus éischter Hand ze kréien, wei och schonn den éischte Kontakt mat Studentefrënn ze fannen.

Dagesreese vum Student fir 1 Dag fannen all Joers an der Ouschterva-kanz statt. Fir dass du och genuch Zäit hues, fir deng Universitätsstad ze entdecken, starten d'Reese scho frei Moies Op der Platz gëss du dann zesumme mat deenen anere Schüler vun de Lëtzebuerger Studente bei engem klengen Café empfangen. Fir dass och all deng Froe beäntwert ginn, gitt dir dee ganzen Dag vun de Studente begleet. Dobäi sinn si d'Experten op der Platz, déi dir alles Méiglech iwwer Studium, Staat a Studenteliewe kenne matdeelen. Natierlech sinn och eng Rei Tipps derbäi: Wei een am beschten eng Wunneng fënnt, wou een am beschte feiere geet asw.

Nodeems sech d'Leit bësse kennegeléiert hunn, geet et dann och schonn direkt op d'Uni. Hei kriss du verschidden Unissäll a Bibliothék gewisen a wann s de Chance hues, d'äerfs de dech och an eng Virlesung setzen an direkt materliewen, wéi et sech uffilt, op der Uni ze studéieren. Allgemeng bekannt ass, dass d'Liewen als Student net nëmme aus studéiere besteet. Dofir kriss du natierlech nomëttes och deng eventuell nei Heemechtsstad gewisen. D'Studente kennen déi beschte Plazen, fir iessen oder een drénken ze goen, an natierlech, fir owes ze feieren. Owes geet et dann erëm zeréck op Lëtzebuerg.

De Student fir 1 Dag hat d'Joer 2018 ee riseg Succès! Mat insgesamt 345 Schüler war dëst ee Rekordjoer fir d'ACEL. Dobäi konnte mir de Schüler 14 verschidden Universitätsstied ubidden, déi si sech konnten ukucken. Dobäi ware Stied wei Bonn, Bréissel, Frankfurt, Heidelberg, Kaiserslautern, Karlsruhe, Köln, Léck, Maastricht, Nanzeg, Oochen, Saarbrücken, Stroossbuerg an Treier. Och 2019 wäert et eng nei Editioun vum Student fir 1 Dag ginn, wou mir och erëm kennen nei Stied ubidden. All weider Informatiounen iwwer de Student fir 1 Dag, d'Reesen an Umeldung fënns du op www.acel.lu/sf1d oder schreif eis op contact@acel.lu.

Sief eise Student fir 1 Dag.

GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT & GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ 2018

Guide du Futur Etudiant

Du stees um Enn vun denger Schoulcarrière an hues Froen iwwert deng zukünfteg Studien? Da kann de „Guide du Futur Etudiant“ vun der ACEL dir weiderhëllefen! Un dëser Broschür hunn sech dës Joer 45 Cercle bedeelegt fir dir op all deng Froen ze äntweren.

Am Guide du Futur Etudiant, deen all Joer fir d'Schoulreintree publizéiert gëtt, informéieren dech déi jeeuweileg Cercle doriwwer wat's du op wei enger Universitéit studéieren kanns, bis wéini a wei's du dech aschreiwien muss, wei's du am beschten eng Wunneng fënns an wei eng Evenementer de Cercle organiséiert. Du fënns hei awer och d'Kontaktinformatiounen vun deenen

verschidden Cercle, esou dass du dech, fir all weider Fro, selwer un d'Studente wenne kanns.

Niewent den Informatiounen vun deenen verschiddenen Stied a Cercle, fënns du am Guide du Futur Etudiant awer och Informatiounen bezüglech dem BTS-Studium zu Lëtzebuerg oder der Studiëbäihëllef vum CEDIES.

De Guide du Futur Etudiant ass gratis. Du fënns en zum Beispill um Stand vun der ACEL op der Foire de l'Étudiant, an all Spuerkeessagence, beim CEPAS, beim CEDIES, beim Centre Information Jeunes, an der Nationalbibliothek an online als PDF (www.acel.lu/gfe).

Fir weider Froen kanns du dech awer och per E-Mail bei der ACEL (contact@acel.lu) oder dem respektive Cercle mellen.

Guide du Futur Diplômé

Du hues d'Premières- oder Unisdiplom an der Täsche a wëlls elo gäre schaffen goen? Dann informéiert dech am Guide du Futur Diplômé iwwert d'bevirtoend Berufsliewen. De Guide du Futur Diplômé ass eng Broschür déi d'ACEL all Joer erausbréngt fir dir de Wee an d'Beruff ze vereinfachen.



Hei fënns ënner anerem Informatiounen doriwwer wie's du am beschten eng Aarbecht sichts, wei deng Kandidatur ausgesicht sollt, awer och wei e Virstellungsgespräch ofleeft. Du kanns dech ausserdeem iwwert de Salaire, d'Pensioun, d'Stéieren oder de Congé informéieren. Och wann's du dech wëlls selbstänneg maachen oder Chercheur wëlls ginn, kann de Guide dir weiderhëllefen.

De Guide du Futur Diplômé ass gratis. Du fënns en zum Beispill um Stand vun der ACEL op der Foire de l'Étudiant, an all Spuerkeessagence, beim CEPAS, beim CEDIES, beim Centre Information Jeunes, an der Nationalbibliothek an online als PDF (www.acel.lu/gfd).

Fir weider Froen kanns du dech awer och per E-Mail bei der ACEL (contact@acel.lu) mellen.



DEINE ZUKUNFT
ZUSAMMEN GETALTEN
CONCEVOIR TON AVENIR
ENSEMBLE



WWW.LCGB.LU

11 RUE DU COMMERCE, BP 1208 L-1012 LUXEMBOURG | TEL: 49 94 24-1 | INFO@LCGB.LU

E RÉCKBLÉCK OP DE STUDENTEBAL 2018

De 13. Juli war et erëm souwäit an de Studentebal 2018 stoung um Programm. No ronn engem hallwe Joer Organisatiounsarbecht a 5 Deeg intensivem Op- an Ofbauen, konnt de gréissten Open-Air-Studentebal vu Studenten fir Studenten nees sëllege Leit op de Bouillon lackelen. Sou wéi déi Jore virdrun, huet de Bal och dëst Joer nees op der Wiss hannert dem P&R Bouillon stattfonnt.

Ëm d'Opriichte vum Site a vun de Stänn, d'Verleeë vum Stroum, ewéi och d'Installatioun vun de Luuchten an der Museksanlag hunn d'ACEL an och d'Cerclen, déi um Bal deelgeholl hunn, sech gekëmmert. D'Zesummespill tëschent der ACEL, de Cerclen an de Partner huet och dëst Joer nees immens gutt funktionéiert.

De Studentebal ass fir d'ACEL dat gréissten Ereegnes am Joer, dat e feste Bestanddeel fir aktuell an zukünftegt Studenten ginn ass. Dëst Joer konnten sech ronn 3.900 Leit nees e Bild vun dësem groussen Open-Air-Evenement maachen an zesumme mat Kollegen an de Cerclë feieren. De Studentebal regroupéiert Joer fir Joer all aktuell, fréier an zukünftegt Studenten fir den Ofschloss vum akademesche Joer respektiv fir virun den Examen nach eemol mat de Kollege kënnen ze feieren, ier et nees hannert d'Bicher geet.

Pünktlech um 20:00 Auer sinn d'Keesen opgaangen, wou een dëst Joer fir di éischte Kéier och mat Digicash seng Entrée konnt bezuelen. Dëst Joer war d'Wieder erëm een Erfollegsgarant fir eisen Open-Air-Bal. Bei wollekefräien



Himmel a kenger Reendréps an Aussicht konnt een onbeschweiert ob der Terrasse seng Drinks zou sech huelen. Dëst huet natierlech och dozou gefouert, dass ëmmer méi Leit op de Site komm sinn a vun de waarmen Temperature profitéiert hunn. Am Ganze waren 33 Membercerclë vertrueden an dëst op 14 Stänn opgedeelt. Déi verschide Cerclen hunn sech ewéi all Joer nees speziell Dekoratiounen ausgeduecht, fir d'Visiteuren op hire Stand ze lackelen an hinnen hir Special-Drinks ze zerwéieren. Nieft de Klassiker wéi der „Bombe Bleue“ waren och nees ganz flott a kreativ Special-drinks dobäi. Ausserdeem goufen nach Béier a Softdrinks an och Gegrills vun eise Cercle verakf.

Fir déi richteg Stëmmung hunn eis DJe Pero Diamond a Flex Diamond gesuergt. Di zwee DJs, viru kuerzer Zäit nach als Grupp ënnert dem Numm „Diamonds“ ënnerwee, hu vun Ufank un bis déif an d'Nuecht eran d'Stëmmung am Zelt zum Kachen an eng sëllege Leit ob d'Danzfläch bruecht. Déi, deenen et nom Danzen ze waarm war, konnten sech op der Terrass bei engem kille Béier an un der frëscher Loft ofkillen.

Um 3:00 Auer war de ganze Spaass du leider och schonn nees färdig. Dëst Joer konnten eis Visiteuren och nees vun de gratis Late-Night-Busse



profitéieren, déi ewéi dat Joer virdrun extra fir de Studentebal vum Bouillon fortgefuehrt sinn. Dëst huet et dann och jidderengem erméiglecht, sécher doheem unzekommen.

Mir sinn immens houfreg op all eis Cerclen, déi gehollef hunn, de Site opzerichten, de ganzen Owend fir d'Gedrénks an d'lessen gesuergt hunn, der ACEL gehollef hunn, d'Keesen ze maachen, an och nach gehollef hunn, nees alles ofzerichten. Dofir nach emol

e grouse Merci un all eis Cerclen. Dee gréisste Merci geet awer natierlech u jidderene, deen um Bal selwer war a matgefeiert huet.

Déi 19. Editioun vum Studentebal ass dann och schonn am Gaang, geplangt ze ginn a mir hoffen, dass d'Joer 2019 och nees e grouse Succès gëtt. Mir freeën eis op iech.



60 JOER ANEIL

Virun 60 Joer, den 2. Januar 1958 ass d'Aneil, d'Association National des Etudiants Ingénieurs Luxembourgeois, offiziell gegrënnt ginn. Fir dësen wichtegen Gebuertsdag entspriechend ze feieren, huet de Comité vun der Aneil sech dozou entscheet, e groussen Konveniat ze organiséieren wou alleguer déi aktuell an eemoleg Memberen vun der Aneil invitéiert ginn. Den Datum vum Konveniat ass op den 22. September gefall.

Ganz besonnesch houfreg waren mir, dass mir den alleréischten President vun der Aneil, den Här Paul Nilles, op eiser Feier duerften begréissen. An senger Ried huet hien eis dervun erzielt, wéi et zur Grënnung vun der Aneil komm ass a wéineg Schwierigkeiten et am Ufank goufen.

D'Soirée selwer stoung ënnert dem Motto : "60 Joer Lëtzebuerger Industriegeschicht, a wat bréngt d'Zukunft?". Sou haten mir dann véier jonk Ingenieuren invitéiert, déi en innovativ Thema virgestallt hunn. De Julien Lamamy vun Ispace huet den Ufank vun den Virträg gemaach. Ispace ass en Start-Up dee sech als Ziel geholl huet, aner Planéiten bewunnbar ze maachen. Den Julien Lamamy huet a senger Presentatioun d'Visioun vun Ispace an d'Méiglechkeeten déi et am Weltall fir d'Zukunft vun der Mënschheet gëtt, gewisen. Als nächst war den Patrick Kersten, CEO vun Doctena um Tour. Doctena ass eng Firma déi sech virgehall huet, d'Aart a Weis wéi mir hautdesdaags en Rendez-vous bei engem Dokter huelen, ze revolutionéieren. An nächster Zäit soll et méiglech ginn, sech ganz einfach en Rendez-vous online bei engem Dokter ze huelen ouni mussen an der Praxis unzerufen. Donieft kritt een ugewisen,



wéien Dokter grad Zäit fir een huet, ouni mussen laang ze waarden bis een endlech en Rendez-vous kritt. Dono huet den Jean-Luc Rippinger, CEO vun Kussbus, d'Relève geholl. Kussbus offrëiert eng Transportméiglechkeet fir vun Doheem op d'Aarbecht ze kommen ouni mussen ëmzesteigen. De Kussbus bitt engem d'Méiglechkeet an der noer Ëmgéigend vun sengem Doheem op seng Aarbechtsplaz gefouert ze ginn, zu där Auerzäit, déi een gären hätt. Fir dësen Projet gouf och eng speziell App entwéckelt, déi engem d'Bestellen vum Bus op eng intuitiv Aart a Weis erméiglecht. De Schluss vun den Innovatiounspresentatiounen huet den Félix Urbain gemaach. Hien ass Fuerscher am Beräich Waasserstoff an mécht grad en Post-Doc zu Barcelona. Hien huet eis op eng interessant Aart a Weis d'Méiglechkeeten vum Waasserstoff an der Zukunft erkläert.

Nieft dësen véier ganz interessanten Virträg iwwer innovativ Themen, konnten mir eis iwwer d'Präsenz vun der Madamm Buergermeeschtesch Lydie Polfer, dem Här Premierminister Xavier Bettel an dem Här Minister Schmit freeën. Si hunn alleguer an hiren Rieden ënnerstrach, wéi eng wichteg Roll d'Ingenieuren an der Vergaangenheet gespillt hunn an och an der Zukunft an der Entwécklung vum Land wäerten spillen.



No den Rieden an den Presentatiounen ass et dann zum méi gemittlechen Deel vun der Feier gaangen. Nom Éierewäin, deem mir vun der Staat Lëtzebuerg offrëiert kruten, ass den Owend mat engem Walking Dinner weider gaangen. Bei beschter Stëmmung hunn sech déi ënnerschiddlechst Generatiounen vun der Aneil mateneen iwwert déi all an zukünftge Zäit ënnerhalen.



EN NEIE CERCLE GOUF GEGRËNNT: LËTZEBUERGER BTS STUDENTEN



De LBS ass en lëtzebuergesche Studentencercle deen den 8. Mäerz offiziell gegrënnt gouf. Trotzdeem si mir schonn de 25. Dezember 2017 op der Wanter AG vun der ACEL bei hinnen aus Member opgehol ginn.

D'Idee hannert dem Projet war et eng Gemeinschaft ze schaffen an der sech BTS-Studenten zu Lëtzebuerg zesummenfanne kennen. Gläichzäiteg ass et d'Ziel vum Comité d'BTS-Studenten an hier Formatiounen ob da ëffentlecher Bühn zu verrieden.

Als relativ jonke Cercle hunn mir nach net vill Eventer konnt organisieren. Trotzdeem si mir houvreg ob eis Gin-Soirée, wou och direkt vill vun eise Membere komm sinn. Des weidere ware mir och schonn dem dësjärem Studentebal vertruede wou mir mat de Cercle ALEM (Association Luxembourgeoise des Étudiants en Médecine) an ALEP (Association

Luxembourgeoise des Étudiants en Psychologie) en Comptoir bedriwwen hunn. Do gouf et natierlech och eppes gratis fir eis Memberen.

Fir eise Memberen och besser Chancen an da Berufswelt ze erméiglechen, wëlle mir d'BTS-Formatiounen no baussen hin méi bekannt maachen. Dozou si mir a ville Schoulen ob Informationsdeeg, ewéi och ob enger Foire de l'Étudiant present fir d'Elteren an zukünftege Studenten, iwwert hier Méiglechkeete mat enger BTS-Formatioun, ze informieren. Fir d'Zukunft hunn mir fir de BTS-Studente méi Opportunitéiten ze bidde fir um typesche

Studenteliewen deel ze huelen. Dofir plange mir elo och un verschiddenen Intercercle (Eventer déi vun anere Cercle, an anere Stied organiséiert ginn) deelzehuelen.

Ausserdeem wëlle mir beim Tournoi de Noël am Wanter mat ze maachen. Mir hunn eis virgeholl fir all Sportart mindestens eng Equipe opzestellen, an hoffentlech och eppes ze gewannen.

Vue que dass de BTS-Diplom nach keng eege Karriär beim Staat huet, an och vu villen Entrepreneuren net richtig wäertschätzt gëtt, hunn mir eis virgeholl eppes dogéint ze maachen. An dem

Sënn plange mir Gespréicher mat de politesche Vertrieder aus dem Héichschoul-Ministerium opzehuelen.

Mir wäerten eist beschts versiche fir eise BTS-Studenten en flott Joer ze erméiglechen.

Fir weider Froe kënn da eis gäre kontaktéieren, a mir freeën eis natierlech och ob jiddereen de bei eis aus Member bäitriede wëll.

Kontakt: LBS

E-Mail: lbs@bts.lu

Facebook: **LBS –**

Lëtzeburger BTS Studenten

Comité LBS

EN NEIE CERCLE GOUF GEGRËNNT: LËTZEBUERGER ZU WÜRZBURG



Stad Würzburg

Würzburg ass eng kleng, 130.000 Awunner Stad am Norde vu Bayern, teschend Frankfurt an Nürnberg, ongeféier 310 km vun der lëtzebuergescher Grenz fort. D'Stad ass beléift duerch hier al Universitéit, hier schéin Alstad an hier grouss Wéngerten. D'Stad gëtt getrennt duerch de Main, wouduerch et an der Stad 4 Brécke ginn déi déi 2 Säfte matenee verbannen. Desweidere gëtt et de Ringpark deen, wéi den Numm seet, ronderëm d'Alstad geet an se esou d'Stad ënnerdeelt.

Uni Würzburg an FHWS

Mir hunn déi renomméiert Julius-Maximilians-Universität (JMU) an 't

Fachhochschule Würzburg-Schweinfurt (FHWS). Zesummen hunn déi 2 Arichtungen ronn 38.000 Studenten. Haut faasst d'JMU insgesamt 10 Fakultéiten, 55 Institute, 237 Léierstill, 24 Kliniken an 250 Studiëgänger. D'FHWS huet sengersäits 10 Fakultéiten an iwwer 40 Bachelor- an Masterstudiëgänger. All Studiëgänger vun der JMU fann der hei: <https://www.uni-wuerzburg.de/studium/angebot/>.

Insgesamt 14 Nobelpreisträger huet d'Uni Würzburg bis haut ervirbruecht, dorënner z.B. de Wilhelm Conrad Röntgen, deen déi no him benannte Röntgenstralen zu Würzburg entdeckt huet.

Fräizäit

Zu Würzburg kann ee vill erliewen a jiddereen deen et kennt, huet nëmme gutt Erënnerungen.

An de Stroossen begéint ee relativ vill Studenten. An der Alstad kann een duerch déi sëllec Geschäfte akafe goen an op der Maartplaz ass praktesch ëmmer iergende Fest.

Duerch déi gutt Lag an der Wäigégend ginn et vu Mee bis September ëmmer Wäifester an och u gudde Brauereie felt et eis net.

Och Nuetsliewe kann sech weise loossen: ugefaange bei de schier onendlech ville Caféen a Bare bis zu de Club'en wou een ëmmer bis den nächsten Dag ka feieren.

Cercle

D'Lëtzeburger Studenten zu Würzburg – LSWü gouf gegrënnt den 29.11.2017 an der Joe's Bar (déi et leider net méi gëtt) mat dem But 't Lëtzeburger Studenten ze regruppieren an Schüler iwwer eis Stad ze informieren.

Säit der Grënnung hu mer all 2 Wochen e Stammdesch an verschiddenen Baren ëmmer Dënschdes Owes. Zudeem si mer engagéiert an der ACEL fir op Intercercle a bei aneren Manifestatiounen matzemaachen.

Kontakt: LSWü

E-Mail: lswue.info@gmail.com

Facebook: **LSWü – Lëtzeburger Studenten zu Würzburg**



Comité LSWü

EN NEIE CERCLE GOUF GEGRËNNT: LËTZEBUERGER STUDENTEN ZU ABERDEEN

Am September 2017 hunn zwee motivéiert Lëtzebuerger Studenten entscheet, dass et Zäit gëtt dass och Aberdeen endlech en eegen Cercle fir kritt. Ëmmer méi Studenten aus Lëtzebuerg fannen hiren Wee a Schottland an virun allem an d' 'Granite City', wéi d'Stad och genannt gëtt. Leider ass et bis elo just een Cercle fir ganz Groussbritannien ginn an dofir wollten mir eppes méi lokales op d'Been stellen. Am Oktober 2017 hunn mir dann offiziell den Cercle 'Lëtzebuerger Studenten zu Aberdeen', kuerz LSA, gegrënnt. Mir hunn e Comité aus 7 Leit op Been gestallt déi de Cercle sollten opbauen an un d'Rullen bréngen.

Während et eis an éischer Linn mol drëm gaangen ass en offiziellen Cercle ze ginn an en Uspriechpartner fir d'Lëtzebuerger zu Aberdeen ze sinn an och fir zukünfteg Studenten, hunn mir awer och während eisem 1. Joer schon divers kleng Evenementer organiséiert, wéi zum Beispill e Pubcrawl duerch d'Pubs vun Aberdeen, en Kniddelowend oder einfach gemittlecht Owender an enger Bar. Mee och fir 2. Joer hunn mir schon Iddien fir Evenementer. Sou wëllen mir ënner anerem de Lëtzebuerger Studenten zu Aberdeen d'Méiglechkeet ginn och emol aus der Stad eraus ze kommen an d'Regioun ronderëm, respektiv aner grouss Stied an Schottland, kennen ze léieren.

Mir hunn awer och schon virun eiser Grënnung gemierkt, dass et virun allem un Informatiounen fir d'Lëtzebuerger Studenten zu Aberdeen feelt. Souwuel zukünfteg Studenten, wéi och Studenten déi schon zu Aberdeen sinn, haten oft Froen déi se awer un keen richten konnten, well keen Uspriechpartner do war. Genau déi Roll wëllen mir iwwerhuelen fir all Student

e gudden Start an d'Unisliewen ze erméiglechen. Mee och d'Studenten déi schon do sinn, brauchen ëfters en Uspriechpartner wann et em verschidden Themen geet wéi zum Beispill d'Bréifwahl. Virun allem och wat de Brexit ugeet, wëllen mir Lëtzebuerger sur place um Lafenden halen an si bei allen Froen oder Besuergrnesser ënnerstëtzen.

Mir hoffen, dass mir an de kommenden Joren wuessen, souwuel d'Memberszuel wéi och d'Aktivitéiten déi mir organiséieren. Eis Ziel ass virun allem fir eisen Cercle richteg opzebauen an um Liewen ze erhalen an d'Lëtzebuerger zu Aberdeen zesummen ze bréngen.



Kontakt: LSA

Homepage: Isabardeen.co.uk

E-Mail: Isabdnrcircle@gmail.com

Facebook: [LSA Letzebuerger Studenten zu Aberdeen](https://www.facebook.com/LSA-Letzebuerger-Studenten-zu-Aberdeen)

Comité Aberdeen



SPOTLIGHT ON YOUNG RESEARCHERS: GILLES TOSSING, A LUXEMBOURGER IN CANADA

Gilles Tossing's fascination for the human brain – and why it sometimes fails - led him to the path of research. For his PhD at Université de Montréal in Canada, the Luxembourg national investigates neurodegenerative diseases, with the aim of improving treatments for those affected.

"Research on the brain is recent in history and there is a lot to do in this field. For those reasons, I really have the feeling that my work has a direct influence on many lives, in Luxembourg and around the planet," says Gilles Tossing.

As part of his PhD project in Canada, funded by the FNR's AFR scheme, Gilles is working towards finding new drugs to treat neurodegenerative diseases such

as Huntington's disease and Amyotrophic Lateral Sclerosis (ALS).

"Surprisingly, we are very similar to the worm, genetically speaking"

"In these diseases the connections between the neurons break which causes early stage symptoms. With my work I aim to find a way to make these connections regrow to restore the complexity of the neuronal network."

"I work with a microscopic worm, 1 millimetre in size, called *C. elegans*. We are similar to the worm, genetically speaking. Most of our genes are present in the worm, which has allowed researchers to make big scientific discoveries over the last decades. Who would have thought that such a small organism could help scientific researchers to make promising breakthroughs?" Still early in his researcher career, Gilles has already had the chance to present his work at the International Congress of the Genetics Society of America in Los Angeles.

"My goal as a researcher is to help the Luxembourgish families that are affected by rare neurodegenerative diseases"

"Statistics don't lie; many families live with a person who's struggling with a neurodegenerative disease. I worked close with different organizations that are in contact with families every day. They put a lot of trust and hope in



research to eventually find treatments," Gilles says, adding:

"In my opinion, to improve the patient's situation, it is very important that researchers offer their time to work with the health system, disease organizations or with the public. Therefore, my goal as a researcher is to use my knowledge and expertise beyond science to help the Luxembourgish families that are affected by rare neurodegenerative diseases."

"The University of Luxembourg has built an interesting environment to study neurodegenerative diseases"

Originally from Luxembourg, but currently on the other side of the Atlantic Ocean, Gilles has been keeping an

eye on the progress of Luxembourg's young research landscape:

"Luxembourg is a very attractive place for research. The University of Luxembourg has built an interesting environment to study neurodegenerative diseases, with a particular importance on Parkinson's disease.

"I regularly read the papers produced by the University and I like their innovative and open-minded approach to research. I've studied and worked at 4 different universities, in 3 different countries and in my opinion the quality of the laboratories and the research in Luxembourg is very competitive."

Discover more stories of young researchers with a connection to Luxembourg on www.fnr.lu/spotlight


FNR.lu

The FNR is the main funder of research activities in Luxembourg. We invest public funds and private donations into research projects in various branches of science and the humanities, with an emphasis on selected core strategic areas. Furthermore, we support and coordinate activities to strengthen the link between science and society and to raise awareness for research. We aim to establish Luxembourg as a leading knowledge-based society through science, research and innovation.



Luxembourg National
Research Fund

Key figures:
FNR Annual Report 2016



Arch^{MA} UniLu

University of Luxembourg Master programme Architecture, European Urbanisation and Globalisation masterarchitecture.lu


WÉI GUTT KENNS DU D'ACEL AN SENG CERCLEN?

Test däi Wëssen!

Déi éischt zwee Studenten (vu verschiddene Cercle), déi eis op der Foire op eise Stand Donneschdes moies ab 11 Auer d'komplett ausgefëllte Rätsel weisen, kréien e klengen Kaddo!

ä = ae
ü = ue
ö = oe
é, è, ê, ë = e

1. A wat fir enger Stad studéieren déi meeschte Comitésmembere vun der ACEL?
2. A wat fir engem Gebai war d'Soirée Chique vun der REEL 2018?
3. Wat fir ee Cercle organiséiert all Joers d'Velosheemreess? (Ofkierzung)
4. Wat war déi gréissten Inter Cercle bis elo?
5. A wat fir enger Stad studéiert den aktuellen ACEL's President?
6. Nenn eng vun deenen zwou Organisatiounen un déi d'Spend vum Tournoi de Noël gaangen ass?
7. Ufank September huet sech d'ACEL säit laangem nees mat enger bestëmmter Organisatioun getraff. Wei heescht dës? (Ofkierzung)
8. Wei ee Minister huet dës REEL da misse kuerzfristeg ofsoen? (Familljennumm)
9. Deen neiste Comitésmember aus der ACEL kënnt aus wat fir enger Stad?
10. Wei heescht den neie Cercle den op der Summer AG neie Member bei der ACEL ginn ass?
11. Wei heescht d'Gebai wou d'ACEL neierdénks hiren Büro huet?
12. Traditionell këmmert sech wat fir e Cercle ëm d'Grillen um Studentebal? (Numm vun der Stad)
13. Wei heescht d'Amicale vun der ACEL?
14. An der ACEL-Lidderbuch App fënnt een nach vill méi Lidder wei am Lidderbuch. Wei heescht dann d'Lidd A03 aus der App?
15. Wou hat d'ACEL d'Joer hier Klausurtagung?
16. Säit dem Tournoi de Noël huet de Männche vum ACEL Logo een Numm, wéi heescht dann de Gudden?
17. Ween ass Mister REEL 2018 ginn? (Virnumm)
18. Wei huet de REEL President 2018 geheescht? (Familljennumm)
19. D'ACEL war d'Joer ganz innovativ an huet een neie Gadget erausbruecht, wourëms handelt et sech hei?
20. Ganz vill Cercle hunn e Roude Léiw an hirem Logo. Mee just en huet de sougenannten Doktorhut op. Ëm wat fir ee Cercle handelt et sech? (Ofkierzung)



IMPRESSUM:

EDITEUR

Association des Cercles d'Étudiants
Luxembourgeois (ACEL)
2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette
Tel.: (+352) 691 42 05 39
www.ace.lu | contact@ace.lu

OPLAG

70.000 Exemplairen

KOORDINATION

Gilles Johann

REDAKTION

ACELS-Comité, LSWü, ANEIL, LSA,
BTS, FNR.

Fir d'Form an den Inhalt vun den Artikelen
sinn eleng d'Auteurs verantwortlech.

D'ACEL seet all de Leit, déi un dëser
Edition matgeschafft hunn,
e grouse Merci!

FOTOEN


ACEL, LSA, LSWü, FNR, REEL, BTS,
Luka Grashoff

LAYOUT

Saint-Paul Luxembourg S.A.

PUBLICITÉIT

Saint-Paul Luxembourg S.A.




Den Hämmelsmarsch

T as Kiirmesdag an eng Gei jéngt muerges
↳ an der Gaass,
T jätzt eng Clarnett an 't brommt eng
↳ schaddreg Baass,
An d'Hämmel gin derbei mat Bänn a
↳ Flettschen un,
Blénkeg zënne Plettlen an der Rei sin
↳ hannendrun,
Sin hannendrun;
An d'Kanner loosse hire Kaffi ston
Fir deene schéinen Hämmel nozegon
Wou d'Musek as, déi spillt sou lëschtég

LIDDERBUCH

Bis haut sängen d'Studenten déi tradi-
tionell Lidder. Iwwer 100 dovun goufen zu engem
Lidderbuch zesummege stellt. Dëst gëtt
et elo och als App fir iOS an Android!



JE N'ÉTUDIE PAS UNIQUEMENT MON LOOK



Avec **axxess STUDY**, vous profitez de cartes de crédit, d'une carte de débit axxess valable partout en Europe, de solutions de financement pour vos études et de multiples autres avantages. Pour garder votre look et faire de votre parcours une réussite. Pour les jeunes de **18 à 30 ans** : conditions et infos sur **axxess.lu**

axxess STUDY
100% JEUNE. 100% VOUS.


SPUERKEESS